Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

2025 soll dat neit Südspidol zu Esch seng Dieren opmaachen an déi existéierend Infrastrukture wäitesgehend ersetzen. Am Kader vun dëse Planunge sollen all d'CHEM-Spideeler hir Funktiounen no a no un d'Südspidol ofginn. Des bedeit, dass verschidde Sitten, wéi zum Beispill Nidderkuer, hir Dieren zoumaache wäerten. Wéi d'Wort an engem Artikel vum 14ten Juni beriicht, huet d'Gemeng Déifferdeng Kontakt mam Gesondheetsminister opgeholl fir iwwert spéider Reaktivatiounsmesüre vum Site ze schwätzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Kann den Här Gesondheetsminister d'Gespréicher mat der Gemeng Déifferdeng bestätegen? Falls jo, huet de Gesondheetsminister schon eng Preferenz, wat mat de Gebailechkeete vum Spidol geschéie soll?
- Kann de Gesondheetsminister confirméieren, dass no der Fermeture vum CHEM Nidderkuer déi medizinesch Infrastrukturen um Site erhale bleiwen an d'Gebäi net ofgerappt gëtt?
- De Buergermeeschter vun Déifferdeng schwätzt dovun, dass een de Site vum Spidol vu Nidderkuer als Complement zum Südspidol kéint gestalten. Vu, dass aktuell am Süden vum Land kee pediatresche Noutdéngscht existéiert (dat nächstgeleeënt Spidol am Fall vun enger Urgence ass den CHL zu Stroossen), wär et fir de Minister denkbar, Servicer vun enger Kannerklinik, eventuell souguer eng Urgence pédiatrique, op de nidderkuerer Site ze installéieren?
- Falls de Gesondheetsminister kee Projet fir de Site plangt, wéi wäert hien op d'Ewechfale vun der direkter medezinescher Versuergung am Kordall an Ëmgéigend reagéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député